ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Chancegläichheet weiderzeleeden.

D'Madamm Minister fir Chancegläichheet huet rezent eng Schoul zu Mamer besicht, fir mat de Schüler zesummen iwwert Chancëgläichheet ze diskutéieren. Och de Chancëgläichheetbeoptraagten vun der Gemeng Mamer war bei dësem Rendezvous dobäi. Och aner Gemengen hu scho Chancëgläichheetbeoptraagten agestallt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi vill Chancëgläichheetbeoptraagten goufen insgesamt vun de Gemengen oder Regiounen – opgeschlësselt no Gemeng oder Regioun – agestallt?
2. A wéi enge(r) Karriär(en) sinn dës Chancëgläichheetbeoptraagten agestallt?
3. Hunn dës Chancëgläichheetbeoptraagten alleguer en CDI a si volldags agestallt?
4. Ginn dës Chancëgläichheetbeoptraagten vun der Gemeng oder och zum Deel vum Staat finanzéiert?
5. Op wéi eng Zomm chiffréiert sech déi Gesamtausgab vun alle Chancëgläichheetbeoptraagten zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten